


colonies de vacances programme

www.youngcaritas.lu

Été 2026



youngcaritas
by Caritas Jeunes & Familles

Vakanzekolonien mat youngcaritas

Léiw Elteren, Léiw Participanten,

All Joer bitt youngcaritas vu CJF Lëtzebuerg a.s.b.l. vill verschidde Kolonie vir Kanner a Jugendlecher un. Dës Kolonie ginn net nëmmen duerch en uspriechend Vakanzenzil onvergesslech, mee och duerch fräiwëlleg Moniteuren déi dat ganz leeden a gestalten.

Eis Philosophie?

Mir sinn der Meenung dass all Kand an all Jugendlechen d'Recht drop huet mat Gläichaltrege Spaass ze hunn, eng super Vakanz ze verbréngen an einfach d'Experienz vun enger Kolonie mat ze erliewen.

Vakanzekolonië vu youngcaritas rüchten sech un all Kand a Jugendlechen tëscht 4 a 17 Joer, deen zu Lëtzebuerg oder an der Groussregioun wunnt.

youngcaritas bitt Wintersport-, Waassersport- a Kolonien an de Bierger oder beim Mier un. Fir Spaass a Spannung ass gesuergt. Mir entdecken zesumme flott Plätzen hei zu Lëtzebuerg an a ganz Europa.

Bei youngcaritas kann een nei Leit kenne léieren, nei Frëndschaften schléissen an nei Experienzen erliewen. An dëser Broschüre sinn all eis Kolonien opgelëscht. Fir all weider Fro, sti mir gären zur Verfügung.

Gutt ze wëssen?

D'Moniteure leeden, organiséieren a gestalten d'Kolonien an hirer Fräizäit an investéieren déi Zäit vir de Kanner a Jugendlechen eng Vakanz ze erméiglechen. An der Reegel sinn dës Studenten déi eng Formatïoun fir den Animateur ofgeschloss hunn.

De Präis vun de Kolonie setzt sech zesummen aus: dem Transport, dem Logement, der Verfleegung an den verschiddenen Aktivitéiten.

Präislech Reduktiounen:

Bei youngcaritas kritt jiddereen d'Méiglechkeet fir mat an eng Kolonie ze goen, och déi Kanner oder Jugendlechen aus sozioekonomesch méi schwache Familien. Dofir ginn et folgend Méiglechkeeten:

1. Chèque Service Accueil: D'Chèque Service Accueil (minimum 34 St./Woch gratis) kënne bei Kanner ënner 13 Joer fir eng Reduktioun benotzt ginn.
2. CJF Lëtzebuerg Reduktioun: Déi Familien déi manner Akommes hunn, kennen och eng Reduktioun op de Präis vun der Kolonie kréien. Bei weidere Froe kënnt dir eis gäre kontaktéieren.

All Dossier gëtt vertraulech behandelt!

youngcaritas

Les colonies de vacances avec youngcaritas

Chers parents, Chers participants,

Chaque année youngcaritas de l'a.s.b.l. CJF Lëtzebuerg propose diverses colonies pour enfants et adolescents. Ces colonies ne sont pas uniquement inoubliables par leur destination, mais également par l'engagement bénévole des moniteurs.

Notre philosophie ?

Nous sommes d'avis que chaque enfant et chaque jeune ont le droit de vivre l'expérience d'une colonie de vacances, de s'amuser avec des personnes de son âge et de revenir avec des souvenirs plein la tête.

Les colonies de vacances de youngcaritas s'adressent à tout enfant et jeune âgé entre 4 et 17 ans habitant le Grand-Duché ou la Grande Région.

Nous proposons des colonies de sport d'hiver, de sport nautique ainsi que des colonies en montagne et au bord de mer. Nos colonies sont remplies d'excursions et de fascinantes découvertes culturelles.

Nous faisons découvrir ce petit pays qu'est le Luxembourg et qui cache des lieux bien sympas, mais aussi d'autres pays d'Europe.

youngcaritas offre la possibilité de faire de nouvelles connaissances, de nouveaux ami(e)s et un tas de nouvelles expériences ensemble. Ce dépliant contient les prochaines dates de nos colonies. Pour toute question, nous nous tenons à disposition.

Que faut-il savoir ?

Les moniteurs dirigent, organisent et mettent sur pied les colonies pendant leur temps libre et mettent ce temps à disposition des enfants et des adolescents pour leur permettre de passer d'inoubliables vacances. Il s'agit de bénévoles ayant suivi les formations d'animateur.

Le prix d'une colonie comprend les frais suivants: le transport, le logement, les repas et les diverses activités.

Réductions:

Avec youngcaritas tout le monde peut partir en vacances. C'est pour cette raison que les parents d'enfants ou adolescents issus de familles à faible revenu ont la possibilité de solliciter une réduction partielle ou totale du prix de la colonie.


Deux possibilités:

1. Chèque Service Accueil: Les enfants de moins de 13 ans peuvent utiliser leur Chèque Service d'Accueil (min. 34h/semaine d'encadrement gratuit) pour demander une réduction de prix.
2. Réduction CJF Lëtzebuerg: Les familles à faible revenu peuvent bénéficier de réductions. Pour plus d'informations, n'hésitez pas à nous contacter.

Tous les dossiers sont traités avec discrétion!

youngcaritas

Lët'z have fun



DESTINATION Remerschen (L) | **DATE** 19.07 > 24.07.2026

ÂGE 10-14 | **PARTICIPANTS** 20 | **PRIX** 455€

Bass du bereet deng Grenzen ze iwwerschreiden an dech selwer erauszufuerderen? Du hues Loscht, nei Plazen zu Lëtzebuerg ze entdecken?

Da looss dech ob dës spannend Rees an. Bei eis gëtt definitiv fir Fun an Action gesuergt. Langweil kënnst bei eis net a Fro, mir sinn ëmmer prett fir eng nei Challenge.

Komm mat an iwwerzeeg dech selwer!

Es-tu prêt à repousser tes limites et à relever de nouveaux défis ? Tu as envie de découvrir de nouveaux lieux au Luxembourg ?

Alors participe à ce voyage riche en suspense ! Tu auras droit à ton lot d'action et de plaisir. Chez nous, pas question de s'ennuyer, nous sommes toujours prêts à relever de nouveaux défis.

Viens te rendre compte par toi-même !

Dolce Vita on Rails



DESTINATION Suisse, Italie, France | **DATE** 23.07 > 04.08.2026

ÂGE 15-17 | **PARTICIPANTS** 14 | **PRIX** 1180€

Vu frëscher Biergloft a beandrookende Panoramaaussichten, bis hin zu glizzerende Séien an entspannende Sandstränn. Op dësem Interrail entdecke mir zesumme verschidde Plazen an der Schwäiz, Italien a Frankräich – mat dobäi d'Sonn a mediterrane Flair.

Wann's du Loscht hues de waarme Süden an déi villfältig Landschaften zesumme mat eis ze bereesen, da mell dech séier un!

Des sommets vivifiants aux rives baignées de lumière, cet Interrail nous entraînera à travers la Suisse, l'Italie et la France, à la rencontre de paysages aussi différents que magnifiques. Et parce que le Sud nous appelle, soleil et ambiance méditerranéenne seront aussi au rendez-vous.

Si tu as envie de partager cette aventure avec nous, inscris-toi sans tarder!

Nordic Vibes



DESTINATION Suède, Danemark, Allemagne | **DATE** 29.07 > 10.08.2026
ÂGE 13-15 | **PARTICIPANTS** 24 | **PRIX** 1200 €

Eng onvergïesslech Rees a Schweden!
 Mam Interrail fuere mir zesummen
 op Entdeckungstour, fir Stied, déi
 skandinavesch Atmosphär an
 impressionant Landschaften ze erliewen.
 Tëscht Stadliwen, Bëscher, Séien a
 grouse fräien Naturflächen erliewe mir
 Schweden a senger ganzer Villfalt. Ee vun
 den Héichpunkten ass d'Kanutour iwwer
 d'Flëss paddele, fir déi laang Summerdeeg
 voll auszenotzen.

Dës Jugendkolonie steet fir Aventure,
 Zesummenhalt an nei Erfarungen: eng
 perfekt Mëschung aus Rees, Natur a
 Spaass, un déis du dech nach laang
 erënnere wäerts.

A Kooperatioun mat der Croix-Rouge
 luxembourgeoise.

Un voyage inoubliable en Suède!
 Avec l'Interrail, nous partons ensemble à
 la découverte de villes, de l'atmosphère
 scandinave et de paysages grandioses.
 Entre culture urbaine, forêts, lacs et grands
 espaces, la nature suédoise nous en met
 plein les yeux. Temps fort du séjour: une
 sortie en canoë, au fil des rivières, pour
 profiter pleinement des longues journées
 d'été.

Cette colonie de jeunes, c'est l'aventure,
 la cohésion et de nouvelles expériences:
 un mélange parfait de voyage, de nature
 et de plaisir, qui restera longtemps gravé
 dans les mémoires.

En collaboration avec la Croix-Rouge
 luxembourgeoise.

Aqua Camp



DESTINATION Langholz (D) | **DATE** 15.08 > 23.08.2026
ÂGE 11-15 | **PARTICIPANTS** 30 | **PRIX** 890€

Du bass eng Waasserrat a wollts schonn
ëmmer eng Kéier Surfen a Seegelen, an
dat zesumme mat anere Kanner?

Da komm mat an den Aqua Camp un
déi däitsch Ostsee. Hei erwaarden dech
nieft dem Waassersport och nach e
villfältige Programm wéi Klammen an
aner Aktivitéiten.

Mir freeën eis op dech.

Tu adores l'eau et tu as toujours voulu
faire du surf et de la voile avec d'autres
enfants?

Alors rejoins-nous pour l'Aqua Camp !
Outre les sports nautiques, nous te
proposons un programme diversifié
comprenant de l'escalade, mais aussi
nombreuses autres activités.

Nous nous réjouissons d'avance de ta
participation.

Zauberwelten



DESTINATION Marienthal (L) | **DATE** 24.08 > 28.08.2026
ÂGE 6-10 | **PARTICIPANTS** 30 | **PRIX** 350€

Komm mat eis an d'Zaubewelt vun de Märcher!

Mir beginn eis zesummen op eng spannend Rees duerch verschidde Märcher. All Dag erliewe mir nei Welten, wou mir d'Zauberhelden op hire Missiounen ënnerstëtzen. All Missioun stécht voller Geheimnisser – spilleresch, rätselhaft, kreativ an ëmmer magesch.

Du wëlls dobäi sinn? Da mell dech séier un a géff en Held!

Viens avec nous, la magie t'attend!

Chaque jour, un nouveau conte, un nouveau monde, et une nouvelle mission. Nous aiderons des héros fantastiques, nous chercherons des secrets, nous résoudrons des énigmes et nous relèverons des défis créatifs, le tout dans une ambiance féerique.

Tu veux faire partie de l'aventure? Inscris-toi vite et deviens un héros!

Hills, Sun and Fun



DESTINATION Eben im Pongau (A) | **DATE** 26.08 > 02.09.2026

ÂGE 8-12 | **PARTICIPANTS** 24 | **PRIX** 750-€

Wollts du schonn ëmmer eng Kéier Vakanz an de Bierger maachen? Kee Bierg ass dir ze héich? Sichs du néi Erausfuerderungen andeems du mat eis zesummen eng riseg Outdoor Spillplaz wëlls entdecken?

Dann zéck net laang a mell dech un! Et erwaarden dech vill sportlech Erausfuerderungen, Spiller an der Natur, awer och ënner anerem en Ausflug ob Salzburg an nach villes méi.

Sief dobäi an erlief en onvergiesseleche Summer mat Gläichalteregen.

Passer tes vacances à la montagne t'a toujours fait rêver? Aucune montée ne te fait peur? Tu cherches de nouveaux défis et une immense aire de jeu en plein air à explorer avec nous?

Alors n'hésite pas, inscris-toi! De nombreux défis sportifs t'attendent, des jeux en pleine nature et, entre autres, une excursion à Salzburg.

Rejoins-nous et vis un été inoubliable!

Résumé

COLONIE	DESTINATION	DATE	ÂGE	PARTICIPANTS	PRIX
Lët'z have fun	Remerschen (L)	19.07 > 24.07.2026	10-14	20	455€
Dolce Vita on Rails	Suisse, Italie, France	23.07 > 04.08.2026	15-17	14	1180€
Nordic Vibes	Suède, Danemark, Allemagne	29.07 > 10.08.2026	13-15	24	1200€
Aqua Camp	Langholz (D)	15.08 > 23.08.2026	11-15	30	890€
Zauberwelten	Marienthal (L)	24.08 > 28.08.2026	6-10	30	350€
Hills, Sun and Fun	Eben im Pongau (A)	26.08 > 02.09.2026	8-12	24	750€

Silvester am Schnéi



SAVE
THE DATE
PREINSCRIPTION
POSSIBLE

DATE 12.2026 > 01.2027 | ÂGE 13-17

youngcaritas ass och...

Formatiounen

Solidactive

Spillmobil

Däi Projet

Dir wëllt méi iwwer déi verschidde

Beräicher gewuer ginn?

Besicht eisen Internetsite:

www.youngcaritas.lu

oder schreift eis eng E-Mail:

info.youngcaritas@cjf.lu

Vous voulez en savoir plus

sur nos différents domaines?

Visitez notre site web :

www.youngcaritas.lu

ou envoyez-nous un email :

info.youngcaritas@cjf.lu

Contact & Inscriptions

www.youngcaritas.lu
colonies.youngcaritas@cjf.lu
f [youngcaritas.lu](https://www.facebook.com/youngcaritas.lu)
@ [youngcaritas.lu](https://www.instagram.com/youngcaritas.lu)
Tél.: 36 74 68 - 1

Notre bureau

11-13, rue Geespelt
L-3378 Livange



youngcaritas
by Caritas Jeunes & Familles

BCEE LU95 0019 1000 2692 7000
Agrément ministériel:
CAMF ACCANIM AI 202512/1